N°1277
Entrée le 24.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1277 vun dem éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Kann d'Ministesch informéieren, wéi de Stand vun der Initiativ iwwert de Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an der EU ass?**

**Wéi vill Reunioune goufen et zënter der Äntwert op d'Fro 5214?**

Am Joer 2022 ass eng Europäesch Biergerinitiativ (ECI) mat dem Titel „Fur Free Europe“ enregistréiert ginn. D'EU-Kommissioun huet dorops am Dezember 2023 geäntwert a verschidden Aktioune virgeschloen.

Enner anerem ass d'EFSA vun der Eu-Kommissioun mandatéiert ginn, fir e wëssenschaftlechen Avis ze ginn iwwert den Déiereschutz an der Pelzdéierenzuucht. Dësen Avis soll 2025 veröffentlecht ginn.

Weiderhin hat d'EU-Kommissioun ugekënnegt, dass si eng Evaluatioun wäert maache vun der EU-Labeling-Veruerdnung fir Textilien, an d'Méiglechkeet wäert ënnersichen, fir en obligatoresche Labeling vun der Präsenz vun Déierepelz a Kleeder anzeféieren.

Schliisslech soll d'EU-Kommissioun fir 2026 eventuell e legislative Virschlag virbereeden, deen e Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht wéi och vum Handel mat Déierepelzer an der EU kéint virschloen.

Um Niveau vun den EU-Ministeren ass de Sujet di leschte Kéier am Juni 2023 diskutéiert ginn, ob Basis vun enger gemeinsamer Ufro vun Däitschland, Éisterräich an Holland, ënnerstëtzt vun der Belscht, Zypern, Tschechien, Estland, Litauen, Lëtzebuerg, Slowakei a Slowenien.

Dës Länner hunn sech dofir ausgedréckt, dass d'EU-Kommissioun en EU-weite Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an hiren zukünftege legislative Virschléi am Beräich Déiereschutz sollt integréieren.

**2. Ënnerstëtzt déi aktuell Regierung d'Demarche vun der Virgängerregierung?**

Di aktuell Regierung ënnerstëtzt d'Initiative vun der viregter Regierung, wat de Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an der EU ubelaangt.

**3. Wéi eng Partnerlänner huet de Minister identifizéiert, déi d'Approche vum Pelzverbuet deelen?**

Verschidden EU-Memberstaaten ënnerstëtzen de Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an der EU, ënner anerem déi Länner, déi am Punkt 1 opgezielt sinn.

Donieft hunn och nach Kroatien, Irland, Italien, Lettland a Malta op nationalem Plang d'Pelzdéierenzuucht verbueden.

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2024
(s.) Martine Hansen
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau